LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture
et du Développement rural

**Äntwert vum Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n° 7035 vum éierbaren Deputéierten André Bauler**

- **Verfüügt den Här Minister iwwer ee gewëssen Iwwerbléck betreffend d'Fuddersituatioun an eise Betriber? Wat sinn d'Réckmeldungen aus dem Secteur?**

  D'Situatioun mam Grondfudder ass net op all Betrib déi selwecht. Dëst ass bedéngt duerch regional ënnerschiddlech Recolten am Gréngland, mee och am Mais. Ufank September ass am Landesduerchschnëtt eng Perte un Trockenmassertrag vun 30% am Gréngland ugeholl ginn. Mat regional groussen Differenzen, sou dass et regional och 50% Perten an méi konnte sinn. Betraffe Betriber hu well zum Deel reagéiert an och schonns Grondfudder a Form vun Hee oder Mais bäikaaft.

  Ufank September huet de Reen gehollef, dat sech d'Gréngland erëm séier erholl huet, soudass Ufank Oktober an Enn Oktober bal am ganze Land nach ee Schnatt op de Grénglandparzelle gemaach konnt ginn. Doduerch huet sech d'Situatioun beim Grondfuddermëttel Gras zimmlech entspaant.

  Aktuell ass et och nach ëmmer méiglech, den Opwuess vum Gréngland iwwert Weedvéi ze notzen, sou dass Wanterreserven agespuert kënne ginn.


  Bei der Recolte vum Mais hunn virun allem den Osten an de Süde vum Land méi Perten ze verzeechnen. D'Recolte huet extrem fréi ugefaangen, an déi recoltéiert Wuer war zimmlech dréchen, well vill Bestänn verdréchent waren. D'Stärkegehalter sinn niddreg, an déi recoltéiert Wuer huet sech schlecht am Silo verdichte gelooss, sou dass eng gutt Gärung net garantéiert konnt ginn. Well vill Betriber gutt Parzellen an och méi schlechter mat Mais haten, ass et immens schwéier ze soen, wéi vill Betriber genau betraff sinn.

- **Bei wat fir enge Fuddermëttel ass am Wanter an och soss mat Liwwerenkpäss ze rechnen?**

  Bei de Fuddermëttel, déi vun de Betriber zoukaf ginn, ass am Moment net direkt mat kritesche Liwwerenkpäss ze rechnen. Beim Sojaextraktiounsschrot ass et am Moment heiansdo e bësse méi schwiereg. D'Disponibilitéit ass am allgemenge ginn, méi kriddeleg ass et mat dem Transport, well et Enkpäss an den Transportkapazitéite gëtt, an doduerch den Organisatiounsobwand méi grouss ass.

- **Kann den Här Minister mer d'Entwécklung vun de Präisser an dësem Beräich zanter Juli 2022 opweisen?**

D'Präisentwécklung zanter dem Mount Juli ass méi roueg verlaf wéi dat an de Méint Februar bis Juli de Fall war. D'Grafik hei hannendrun stellt déi tatsächlech Entwécklung vum Präisindex vun de Fuddermëttel fir Déiere vum Januar 2022 bis Enn September duer a gëtt och en Ausbléck op de Mount Oktober (gepunktelt Linnen). De ponderéierten Index fir d'Fuddermëttel fir Déiere läit Enn September 1,3% méi héich wéi am Juli an 18,7% méi héich wéi am Januar 2022. Zu Lëtzebuerg gëtt et keng vergläichbar Zuelen iwwer Präisser fir Grassilage, Hee oder aner Grondfuddermëttel, an deemno sinn dës och net am Index agerechent.




Lëtzebuerg, den 9. November 2022

De Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung

(s.) Claude Haagen